

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 13. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

An engem Bäitrag vum Här Sportminister, deen den 13. September am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, weist hien sech iwweezeegt vum Erfolleg vun der dësjäreger Editioun vum Tour de Luxembourg. No de Virfäll vum leschte Joer kann een dem Här Minister hei natierlech nëmmen zoustëmmen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3457 vum 15. Januar huet den Här Minister op d'Fro no de Léiere aus deene lo just genannte Schwieregkeete vun 2020 ënner anerem Follgendes geschriwwen: "*An dësem Kontext ass ze bemierken, dass de Sportminister een Aarbechtsgrupp aberuff huet fir sech an éischer Instanz um Niveau vun de staatlechen Institutiounen mat der Organisatioun vun internationale Velocourssen zu Lëtzebuerg ze befaassen, wou dann och natierlech den Tour de Luxembourg, drënner fält.*"

Op Basis vun de Conclusiounen déi vun de verschiddeenen Instanze gezu ginn, wäerte konkret Virschléi och fir déi zukünfteg Editioun vum Tour de Luxembourg erschafft ginn".

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister nach gär dës Nofro stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, zu wéi enge Conclusiounen dee vun him agesaten Aarbechtsgrupp komm ass a wéi de Stand vun der Ëmsetzung sech duerstellt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten